



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5912 vum 10. Mäerz 2022 huet d'Regierung iwwer Russophobia zu Lëtzebuerg ënner anerem dat hei geschriwwen: *"D'Regierung verurteilt all Form vun Haass an Diskriminatioun opgrond vun der ethnescher Zougehéieregkeet. De Staatsminister huet de 4. Mäerz op enger Pressekonferenz seng Solidaritéit mat deene ville russesche Bierger ausgedréckt, déi sech a Russland an zu Lëtzebuerg géint de Krich an der Ukrain ausgeschwat hunn. De Staatsminister huet op der nämmelechter Pressekonferenz och en Appell géint Russophobia zu Lëtzebuerg gemaach"*.

An engem oppene Bréif vun der russescher Communautéit vum 1. Februar un den Här Bausseminister war dunn awer ze liesen, datt eis russesch Matbierger aktuell esouguer Probleemer hunn, e Kinossall gelount ze kréien, fir eng russesch BD ze weisen. Zousoe goufe vun deene Verantwortlechen ënner anerem mam Verweis op Sécherheetsbedenken zeréckgezunn. Deels kouw et och zu net kierperlechen Iwwergrëff, andeems d'Visiteure vun dese Veranstaltungen zesumme mat hire Kanner massiv an hirer Privatsphär verletzt goufen, well si ouni hiren Accord vu Leit geknipst goufen an ouni ze wëssen, ob dës Biller kënne genotzt ginn, fir op sozialen Netzwierker Haass géint si ze verbreden.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu deem uewe genannten, oppene Bréif elaboréieren a preziséieren ënnert wéi enger Form an a wéi engem Delai si doropper reagéiere wäert?
- 2) Gesäit d'Regierung eng offiziell Entrevue mat de Verrieder vun der russescher, respektiv russeschsproocheger Communautéit vir, fir dës Virgänger ze diskutéieren?
- 3) Esou wéi et am Bréif heescht, schéngen ëmmer rëm eenzel Sympathisante vun der Ukrain mat dese Virgänger a Verbindung ze stoen. Ewéi eng Informatiounen stinn der Regierung bis ewell zu deem Sujet zur Verfügung?
- 4) Kéint d'Regierung sech eng Initiativ virstellen, fir zu enger Réckbesënnung op en allgemengen, respektvolle Mateneen an der Gesellschaft opzeruffen an esou hei am Land zu engem friddleche Mateneen oder esouguer zu enger Versönnung vun deene nationale Minoritéite bäizedroen, deenen hir Hierkonftsstaaten sech aktuell feindlech géint iwwerstinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten